# Dem Baron Paul Melchior zum Gedenken

De Professer Paul Melchior, hon. Direkter vun dem belschen, Kinnekleche Stärenobservatorium, emeritéierte Professer vun der Katholescher Universitéit vu Léiwen, ass an d'Éiwegkeet gaangen, am Alter vun 79 Joer, Mëtt September.

Et ass onméiglech, fir esou e grousse Mann, ee weltwäit bewonnerte Wëssenschaftler, als treie Frënd vun eisem Land a senger Kultur an e puer Sätz ze beschreiwen. Säi Liewen als Astronom, Geofuerscher a Professer ass esou exemplaresch, extravagant a räich fir seng Emwelt, datt et eng Tragik ass, esou eng „Encyclopédie vivante" ze verléieren. De verstuerwene belsche Kinnek Baudouin, deen iwwer säin Interesse fir d'Astronomie mam Paul Melchior befrënnt wor, huet hien um Héiepunkt vu senger Carrière duerch d'Nominatioun zum Baron an de belschen Adelsstand geéiert (1993). Hee wor och Secrétaire général vun der Unioun fir Geowëssenschaft vun 1971-1990.

Hei an der Stad Lëtzebuerg wor de Professer P. Melchior fir d'éischt den 12. Mäerz 1963 um Rendezvous. Agelueden hat de Minister P. Grégoire bei der Entrée zu den Helleg-Geescht-Kasematten, zesumme mam Lëtzebuerger Professer Albert Gloden, dem Ingénieur-géodésien Johnny Flick an dem Attaché Norbert Weber. Et goung drëm, mat engem Gravimeter (Schweremesser), vu Bréissel ausgeléint), sou genannten Erdgezeiten (marées terrestres) hei an eisem Land ze moossen. (Schonn 1948 huet den Albert Gloden mam Michel Lucius, Geolog, allebéid Dr. es. sc., ënner der Leedong vum Prof. L. Cagniard vu Paräis, iwwer d'ganzt Land Schwéierkraaftwäerter gemoosst a publizéiert). Déi alldeeglech Variatioune vun der Schwéierkraaft am Rhythmus vun der Positioun Äerd-Mound (Ebbe a Flut) mat Gravimetere ronderëm d'Äerdkraaft ze mossen, war dem Paul Melchior säi kingen Dram, deen och erfëllt gouf. – Säin Noruff wäert a ville Sprooche vun eiser Welt op alle Kontinente gedréckt ginn. „Soignez votre langue maternelle, elle vous distingue d'une façon élégante des autres!", sot de Paul Melchior. Dat behäerzege mir dann och haut, – heen hat eis gär!! Seng respektvoll Léift an Admiratioun zu eisen Timberen, säin enormt Wëssen an der Philatelie, hunn duerzou bäigedroen.



Een, deen Astronomie als Beruff praktizéiere wëllt, lieft mam Wonsch, no de Stäre gräifen ze kënnen... De Paul Melchior huet op deem Wee mat engem splendiden Doktorat op der ULB (1951) eng oppen Dier am Observatoire royal virfonnt. Do kréie generell vun deene Gudden nëmmen déi Bescht eng Plaz. An de fofzeger Jore konnt esou di éischt grouss Etapp mat systemateschen Observatioune vun de Stären um grousse Meridiankrees (Askania) an hiert Androen an den internationale Stärekatalog mat alle Varianten ofschléissen.

**Héich kapazitiv Ausdauer war virausgesat!**

Domat waren déi exakt Elementer un der Basis vun den Äerdrotatiounsachse geschaf. E geneeë Bezuchssystem zou der akkurater Berechnung vun de Bewegongen an der Satelliten-Geodesie stong zur Verfügung. Der Raumfahrt wor duerch déi gewonne Prezisioun eminent gehollef! Et gouf ëmmer méi kloer, datt eng Qualitéitssteigerong vun de Beobachtungen haaptsächlech konnt gelénqen, wann een de wibblege Planéit Äerd emol derselwechter Systematik géif ënnerwerfen, am Beräich vun de Miessongen an der Geophysik. Mir hunn du méi bewosst vun der Geodynamik geschwat.

Di rar ënnerirdesch Beobachtungsraim hu misse weltwäit gesicht, fonnt, getest an ausgebaut ginn. Hei bei äis hat de Paul Melchior vu Bréissel aus ugeklappt um Ministère des Arts et des Sciences 1962, un der Dier vum Minister Pierre Grégoire... de Stee koum un d'Rullen.

Aacht Joer an den Helleg-Geescht-Kasematten, wéi scho gesot, a vun 1968 bis haut zu Walfer, an de fréiere Gipsgalerien. Deenen hir ongeheier Virdeeler, ... roueg, dréchen, mat stabiller Temperatur, ënnert der universaler Kraaft vun engem Paul Melchior, hunn d'Beméionge vun eiser Regierung an der belsch-lëtzebuergescher Equipe bis haut zu héijen Éiere bruecht. Wat alles an deene leschte 85 Joer op dem Gebitt hei am Land konnt zu Resultater am Universitéitsniveau féieren, ass – zesumme mat all deenen anere Geowëssenschaften – 2002 am Buch: „J. Flick/N. Stomp" am natur musée virgestallt ginn. Nach kann een dat Buch kafen op der Plaz fir 30 Euro. De Professer Paul Melchior kënnt och dodran zimlech ausféierlech zu Éieren, am Text a bildlech.

Den Institut des sciences de la terre ass eng „fondation d'utilité publique" a schafft zesumme mam natur musée, sengem „département géophysique et astrophysique". De verantwortleche Conservateur deckt an der Haaptsaach déi Kontaktflächen a Punkter mat dem interesséierte Publikum a mat de Studenten, den „scientifiques amateurs" an de Schoulklassen of. D'Administratioun vum Kadaster an der Topographie vum Staat, d'Services du géomètre de la ville an den Institut supérieur de la technologie bidden, sou wäit wéi gefrot, hir Mataarbecht un. D'Gemeng Walfer huet iwwer Joerzingten hir Dingschter ugebueden.

Wa mir haut am Land an der Äerdvermiessong Zefriddenheet an Houfert empfannen, da si mir all der Persoun vum Baron Paul Melchior, sengen äerdege Matstreider, senger Fra, der Madame Anne-Marie Melchior, a senger Famill en héich dimensionéierte Merci schëlleg. Mir drécken hinnen aus déifstem Häerz eist opriichtegt Bäileed aus.

D'Lëtzebuerger Land vernäipt sech!

Johnny Flick